



Léiw Jofferen a Schoulmeeschter aus der Direktioun 15,

An deene 5 Joër Dépistage déi den CDM am Kader vun der Motorik an der Direktioun 15 ënnerwee ass, sinn eis oft d' Schlappen vun den Kanner nierwt hirer Motorik opfalen.

Dëst Joer hunn mir eis geduecht, mir géingen emol alles zesummen setzen, an den interesséierten Léit puer Recommandatiounen mat op den Wee ginn.

Kanner hunn hier Schlappen all Dag puer Stonnen an der Schoul wéi och doheem un. Déi kënnen een **groussen Impakt** op d'**Gläichgewicht**, d'**Trëppelen**, d'**Lafen**, wei awer och op d' **Muskelen** an d' **Foussstellung** hunn. **D'Muskelen passen sech der Positioun** vum Fouss un, wat **Repercussiounen** op d'**Stabilitéit** vum Fouss am Alldag an am Sport kann hunn.

Am Kader vun eiser Präventiounsaarbecht soll dëst eng kleng Oplëschtung / Erklärung u Schlappen sinn, déi d' Motorik vun den Kanner ënnerstëtzen kënnen resp. wéi eng éischter manner zur motorescher Entwécklung bäidroen.

Dës Affiche soll wéi erwäant just eng kleng Recommandatioun vum CDM sinn. Et sinn Beispiller vun all Präiskatégorie. Gären kënnen déi, déi interesséiert sinn, dëst Thema bei den Elteren mat opgräifen an Sie sensibiliséieren. Sou kann den een oder aneren manner gënschtegen Kaf vu Schlappen a Bezug zu der Motorik evitéieren ginn 😊.



Sensibilisierung fir d'Léierpersonal



- ~~X~~ Halt vum Fouss
- ✓ Suel
- ~~X~~ Gréisst
- ✓ Rutschfestegkeet
(just vum Schung, net vum Fouss)



- ~~X~~ Halt vum Fouss
- ~~X~~ Suel
- ~~X~~ Gréisst
- ~~X~~ Rutschfestegkeet



- ~~X~~ Halt vum Fouss
- ~~X~~ Suel
- ~~X~~ Gréisst
- ~~X~~ Rutschfestegkeet



- ~~X~~ Halt vum Fouss
- ~~X~~ Suel
- ~~X~~ Gréisst
- ~~X~~ Rutschfestegkeet

Keen vun den Modeller ass adaptéiert fir orthopädesch Suelen

D' Féiss hunn keen Halt op den Säiten an och net vun Uewen oder hannen bei der Feescht. D' Suel ass bei den zwee rietsen Modeller Mëll an gëtt dem Fouss och keen Halt. Op den Säiten ass zevill Platz, Sie verléieren d' Schlappen dauernd an müssen Zéiwen verkrampfen fir d' Schlappen net ze verléieren oder hiewen d' Féiss net op, mee "rutschen" iwwert den Buedem. D' Form vun der Schlapp kann sech veränneren an méi breed ginn.




- ~~X~~ Halt vum Fouss
- ✓ Suel
- ✓ Gréisst
- ~~X~~ Rutschfestegkeet
(just am Sënn vun der Suel, mee den Fouss selwer rutscht)



- ~~X~~ Halt vum Fouss
- ~~X~~ Suel
- ✓ Gréisst
- ✓ Rutschfestegkeet



- ~~X~~ Halt vum Fous
- ~~X~~ Suel
- ~~X~~ Gréisst
- ~~X~~ Rutschfestegkeet



- ~~X~~ Halt vum Fouss
- ~~X~~ Suel
- ✓ Gréisst
- ~~X~~ Rutschfestegkeet

Keen vun den Modeller ass adaptéiert fir orthopädesch Suelen

Den Halt op den Säiten vum Fouss ass net ginn. Bei den net festen Suelen, rutscht den Fouss op Säiten weg. D' Kanner kënnen falen oder rutschen och hei mat den Féiss iwwert den Buedem amplaz se ze hiewen.

Sensibilisierung fir d'Léierpersonal



- ✓ **Halt vum Fouss**
- ✗ **Suel**
- ✓ **Gréisst**
- ✓ **Rutschfestegkeet**



- ✓ **Halt vum Fouss**
- ✓ **Suel (net ideal fir Plattféiss)**
- ✓ **Gréisst**
- ✓ **Rutschfestegkeet**



- ✓ **Halt vum Fouss**
- ✓ **Suel (net ideal fir Plattféiss)**
- ✓ **Gréisst**
- ✓ **Rutschfestegkeet**

Den Fouss gëtt vun allen Säiten fest gehalten. D' Stoff gëtt net no an den Fouss, rutscht net vun der Suel. Deen lénksen Modell huet méi eng mell Suel, des kéint een Stéckchen méi fest sinn, ass awer nach ok.



- ✓ **Halt vum Fouss**
- ✓ **Suel**
- ✓ **Gréisst**
- ✓ **Rutschfestegkeet**



- ✓ **Halt vum Fouss**
- ✓ **Suel**
- ✓ **Gréisst**
- ✓ **Rutschfestegkeet**



- ✓ **Halt vum Fouss**
- ✓ **Suel**
- ✓ **Gréisst**
- ✓ **Rutschfestegkeet**

Ronderëm d' Foussgelenk ass d' Schlapp fest zou, wat den Fouss gutt an der Schlapp hält. Béid Modeller hunn eng fest Suel, wou den Fouss säitlech net erof rutscht. Suel selwer ass stabil an rutscht net um Buedem.



- ✓ **Halt vum Fouss**
- ✓ **Sue**
- ✓ **Gréisst**
- ✓ **Rutschfestegkeet**



Eng weider Méiglechkeet wieren Anti-Rutschsträmp. Hei wier opzepassen, dass Strämp net ze grouss gewielt ginn, an dass genuch Anti-Rutsch énnert der Strämp drun ass. Et soll een och oppassen, dass dat Anti-Rutsch Material net direkt ofgenutzt ass. Den Nodeel bei den Strämp ass, dass se méi oft sollen kontrolléiert ginn op iwwehaapt nach Anti-Rutsch drun ass. Ausserdeem kënnen se net an Kombinatioun mat orthopädesch Suelen benotzt ginn